NATIONAL - MAGISTRATE FUERDEREN

# "Onofhängegkeet vu Justiz rëm an den Artikel 99 vun der Verfassung bäisetzen"

Vum Roy Grotz | Update: 27.04.2020 17:26 | 8 Commentaire(n)

**D'Séparation des Pouvoirs ass d'Essenz vun engem Rechtsstaat a misst duerfir an der Reform vun der Verfassung och tel quel verankert sinn.**

Dat seet de Groupement des Magistrats an engem oppenen Bréif, deen un d'Deputéiert goung.

PDF Oppene Bréif

Doranner soe sech d'Magistraten erstaunt, datt d'Institutioune-Kommissioun duerch seng textuell Ännerungen am Januar op eemol dëse politesche Konsens géif briechen, deen d'Unerkenne vun der Onofhängegkeet vun de Justiz-Autoritéite wier.

Den aktuell proposéierten Text vun der Verfassungsreform iwwerrascht och de

Parquet Général an et misst ee sech Froe stellen, ob d'Politiker d'Séparation des Pouvoirs wierklech wëllen an der Constitutioun verankeren oder net.

Dëse Constat hat d'Procureur Général d'Etat ewell am Februar op eiser Antenne gemaach. Datt den Artikel 99 vun der neier Verfassung no laangem Konsens lo op eemol no 11 Joer soll ofgeännert ginn an datt den Zousaz entfält, datt de Parquet "onofhängeg" a sengen Funktiounen ass, huet d'Martine Solovieff als "erstaunlech" bezeechent.

Och d'Konkordanz mat den Texter iwwert den neie Conseil national de la Justice mat sengen 9 Membere wier duerch déi rezent Ännerungen op Ureegung vun der CSV net ginn.

D'Martine Solovieff an der RTL-Emissioun Enn Februar

Mam aktuellen Text, dee sou vun der Chamberkommissioun fixéiert gouf, géif een zum Beispill hannert de belsche Standarden, grad wéi de Recommandatioune vum GRECO zeréckbleiwen, sou seet et och de Groupement des Magistrats am Bréif un d'Deputéiert. D'Magistraten widdersetze sech dann och mat Force dogéint, datt deen neien nationale Justiz-Rot soll majoritär aus Membere vun der Zivilgesellschaft zesummegesat ginn, déi d'Chamber nennt, grad wéi duerch Magistraten, déi duerch d'Regierung kontrolléiert ginn.

Gefuerdert gëtt net méi oder manner, wéi datt de Saz iwwert d'Onofhängegkeet vun der Justiz nees soll am Artikel 99 vun der Verfassung bäigesat ginn.